„Da es der Gemeinde Reckingen/Mess nicht möglich ist selber ein Altenheim zu errichten, ist deren Schöffenrat an uns herangetreten, mit der Anfrage sich in unserem neuen CIPA einzukaufen.“, so der Bürgermeister. In der Konvention wird festgelegt, dass die Gemeinde Reckingen/Mess acht Betten prioritär reserviert bekommt. Im Gegenzug beteiligt sie sich natürlich an den Kosten, erstens an der ursprünglichen Investition in der Höhe von 8/120 (da 120 Betten) der 20 %, die zu Lasten unserer Gemeinde gehen (der Staat übernimmt bekannterweise 80 %) und zweitens einen Teil der laufenden Kosten, die später anfallen werden, dies prorata der

Belegung ihrer Betten. Diese Konvention läuft für die Dauer von 15 Jahren ab der definitiven Abnahme des Gebäudes und wird automatisch jedes Mal für 5 Jahre verlängert, wenn keine der Beteiligten vorher kündigt. Einstimmig genehmigte der Rat diese Konvention.

Anschließend bewilligten die Gemeinderäte eine finanzielle Unterstützung zugunsten des Tennis Club Beles für die Renovierung der Umkleidekabinen im Clubhaus auf dem Galgenberg.

Bei den nächsten Tagesordnungspunkten ging es um die Anpassungen der Wasser- und Kanaltaxen. Anhand des neuen Wassergesetzes wurde von der Regierung beschlossen, dass die Gemeinden nun einen kosten-deckenden Wasserpreis rechnen müssen.



Wasserpreis steigt

Die Kosten sollen durch eine feste Gebühr pro Zähler und eine variable Gebühr pro Kubikmeter abgedeckt werden. Ab 2010 wird das Wasser 1,92 € pro Kubikmeter und 4,20 € pro Millimeter Durchmesser des Wasserzählers (d.h. 84 € für den kleinsten Zähler) kosten.

Bürgermeister Georges Engel (LSAP) verdeutlichte anhand eines Rechnungsbeispiels, dass diese Berechnung der festen Gebühr, wie das Gesetz es vorsieht, eine Ungerechtigkeit für Einfamilienhäuser gegenüber Häusern und Residenzen mit mehr als vier Einheiten darstellt. Daher schlage der Schöffenrat eine etwas veränderte Staffelung für die feste Gebühr vor.

Taxe fixe	
(diamètre nominal du compteur)	(€ / par compteur / par année)
QN 2,5 (20 mm)	84,00 € ttc
QN 6 (25 mm)	420,00 € ttc
QN 10 (40 mm)	924,00 € ttc
QN 15 (50 mm)	1.344,00 € ttc
QN 40 (80 mm)	2.688,00 € ttc
QN 60 (100 mm)	10.080,00 € ttc
Taxe variable	1,92 € ttc par m ³

So wird in Zukunft der Wasserpreis berechnet werden

Die CSV-Fraktion kündigte im Vorfeld schon an, dass sie sich enthalten würde, da sie sich aus Zeitgründen nicht ausreichend informieren konnte und das dazugehörige Rundschreiben des Innenministeriums verspätet in der Verwaltung ankam und daher im Dossier fehlte.

Auch bei der Abwasser-/Kanaltaxe enthielten sich die CSV-Gemeinderäte. Hier wird die feste Gebühr für den Wasserzähler bei 60 € liegen (der Durchmesser spielt hier keine Rolle) und der Preis pro Kubikmeter kostet 1,65 €.

Nachdem der Bürgermeister nochmals die von der Regierung fast aufgezwungene Preiserhöhung und die Preisrechnungsmethode kritisierte, wurden beide Punkte mit 9 Stimmen und 5 Enthaltungen verabschiedet.

Weiterhin genehmigte der Gemeinderat die Einführung einer „taxe de participation au financement des équipements collectifs“, die Abänderung der „taxe infrastructure“ und die Anpassung des Taxenreglements vom 21. Oktober 2002 bezüglich des Kapitels „construction“.

PREISERHÖHUNGEN IM CIPA SORGT FÜR EINIGE DISKUSSIONEN

Für einigen Diskussionsstoff sorgten die beiden nächsten Punkte. Zum 1. März 2010 wird die Miete im Altenheim in Zolwer um 2,5 %, für Ferienzimmer um 15 %, erhöht.

CSV-Rätin Nathalie Morgenthaler befand im Namen ihrer Fraktion, dass die Erhöhungen unverständlich seien und die Gründe, die für den Preisanstieg genannt wurden, unzureichend seien. Daher könne ihre Partei diesen Punkt auch nicht mitstimmen. Rätin Patricia Speck-Braun (DP) fand die Erklärungen für die Preisanhebung nicht nachvollziehbar und enthielt sich.

Gleichermaßen ging es auch beim Punkt der Preisanpassungen von verschiedenen angebotenen Diensten im CIPA. Unter anderem werden hier die Tarife für den Zimmerservice und der Rückerstattung für Abwesenheitstage erhöht, bzw. geändert.

Wieder drückte die CSV-Fraktion ihren Missmut aus und verdeutlichte, dass die Rechnung für den Zimmerservice in ihren Augen nicht plausibel sei und weitere Erklärungen vom Direktor verlangen würden. Ihr Vorschlag, bei Abwesenheit sollte man wie in einem normalen Wohnhaus die festen Kosten zurückerstatten, wie Miete, Strom, Wasser und Nebenkosten.

Daraufhin entgegnete Bürgermeister Georges Engel (LSAP), da es schwierig und schon fast unmöglich sei den Tagesverbrauch von jedem einzelnen Bewohner zu berechnen und um unnötige Diskussionen (z.B. einige lassen länger Licht an wie andere) aus dem Weg zu gehen, hat man eine einfachere Rechnung vorgenommen und so einen Pauschalbetrag errechnet. Übrigens werden diese Beträge auch in allen anderen CIPA's des Landes verrechnet.

Nach längeren Diskussionen wurden beide Punkte mit 9 Ja-Stimmen, 5 Gegenstimmen und einer Enthaltung bewilligt.

Einig waren sich die Gemeinderäte beim nächsten Punkt der Tagesordnung. Hierbei wurde der Preis für das „Essen auf Rädern“ wegen steigender Kosten unter anderem für Lebensmittel, Verpackung und Verteilungslogistik von 7,50 € auf 8,50 € angehoben.

Ebenfalls ohne Einwand wurde die Konvention mit dem Schulministerium bezüglich der Lohnrückerstattung der Erzieher/innen gestimmt.

BUDGET 2010 UND ABGEÄNDERTER BUDGET 2009 MIT MEHRHEIT VERABSCHIEDET

Danach kam es zum wohl wichtigsten Punkt auf der heutigen Tagesordnung. Es folgen die Stellungnahmen zum abgeänderten Budget 2009 und zum Budget für das Jahr 2010.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2010

Wéi all Joer fanne mär et bedauerlech dass mär just e puer Deeg hunn tëschent der Präsentatioun vum „wichtigsten Dokument vum Joer“ an dem Vote vun dësem Dokument.

Mär géifen der Majoritéit un d'Häerz leeën an Zukunft de ganze Gemengerot an d'Finanzkommissioun ze ruffe wann de Budget präsentéiert gëtt, sou wéi dat jo well de Fall bei grössere Bauprojeten an der Bautekommissioun ass.

D'Tatsaach dass Kommissiounsmembere viru Gemengerotmembreen iwwert de Budget informéiert ginn an d'Dokument schon am Grapp hunn, ass net glécklech.

Mär sinn eis natierlech bewosst dass d'finanziell Lag vum Stat an dommatt och de Gemengen net ganz roseg ass.

Mär verstinn dann och dass ee muss op verschidde Plaatze spueren, kënnen awer net novollzéien wann de Buergermeeschter sengen Zervisser den pauschalen Optrag gëtt 5 % an hiere Funktionnementskäschten ze spueren.

Mär sinn der Meenung dass ee „bon père de famille“ do scho méi selektiv muss virgoen! Vlächtt kann ee bei verschiddenen Zervisser méi aspueren wéi déi 5 %, sëcherlech ginn et anerer wou et iwwerhaapt net méiglech ass.

Mär wonneren eis allerdings wann am Schoulbudget ë.a. bei der „gymnastique corrective“ a bei der „bibliothèque scolaire“ keen Euro méi virgesinn ass, wou dat dach fir eis 2 wichtig Artikelen sinn.

Mär géifen de Schäfferot dofir opfuedere eng genee Analys vun all sengen Zervisser ze maache fir méi punktuell a selektiv kënnen ze reagéieren.

An deem Kontext muss natierlech grad de Schäfferot mam gudden Beispill virgoen a ka selbstverständlech net seng eeje Jetonen héijen!

Et ass scho schlëmm genuch dass de Buergermeeschter dat extra muss präziséieren.

De Buergermeeschter ass sou houfreg dass zënter 2005 vill investéiert ginn ass a vergläicht dat mat der Legislatur-period vu virdu.

Dobäi vergësst heen awer ze präziséieren dass vill Projetë scho viru senger Zäit ugeduet waren an an d'Weeër geleet gi sinn.

Fir just déi 6 Projeten opzegräifen déi d'Majoritéit onbedingt wëll realiséieren (CIPA Belval, Schoul Belval, Scheierhaff, Pompjeesbau, Boulodrome & Schoul Roude Wee), ënnert dës 6 Projete sinn der konkret scho 5 Stéck viru 2005 an Ugrëff geholl ginn.

Dobäi huet de fréiere Buergermeeschter, Fred Sonnen, och de grouse Verdingscht dass hee bei d'Ministère huart verhandele wuar fir méi héich Subsidien zougesprach ze kréie wéi dat normalerweis de Fall wär.

Nëmmen duerch déi wäitsiichteg Viruarbescht vun der Majoritéit virdu, kënnen haut Projeten um Belval realiséiert ginn déi d'Gemeng soss méi kascht hätten.

Et kann een sech elo net domadder brätze méi z'investéieren a gläichzäiteg Projeten opzielen déi vun der virrechter Majoritéit an d'Wee geleet gi waren a souwisou ëmgesat gi wären soubal et um Belval esouwäit gewierscht wär.

Schoulkomplexer a CIPA si sécherlech déi richteg finanziell Prioritéiten um Belval, mä déi hätten all Politiker esou gesat.

Da kann ee sech och brätze wann ee vill Boni mëcht, mä deen ass jo just zustaane komm, well där bal d'Hallschent vun den extraordinären Ausgaben iwwerhaapt net ausginn hunn (2008 nëmmen 7,2 Milliounen vun 15,5 déi virgesi waren an 2007 nëmmen 9,3 Milliounen vu 17,2).

Well verschidde Projeten duerch de previsiblen Zouwuess vun eiser Gemeng onëmgängelech ginn, hu mär och kee Probleem mat engem ev. Emprunt, och wann domatt d'Prokapp-Verschëldung steijt.

Soulaang et Projetë sinn déi der ganzer Populatioun zegutt kommen an déi der ablécklecher finanzieller Situation ugepasst sinn, mä v.a. awer absolut noutwendeg sinn, soulaang kënnen mär déi och matdroen.

Mär hunn allerdings mat 2 Projetë ee Probleem, d'Nathalie wäert deen herno erklären.

Hei e puer Punkten aus dem Budget zu deene mär eng Bemierkung wëllte maachen resp. eis Froe stellen:

Beim Budgetartikel iwwert de Verkaf vun de „repas sur roues“ steet nach ëmmer ee Präis vu 7,5 € pro lessen a mär hunn awer elo grad 8,5 € gestëmmt.

Bei der Partizipatioun vun der Reckener Gemeng steet am Budget just eng Unzuel vu 6 Better, déi a 4 Tranche bezuelt ginn.

Dobäi hu mär haut eng Conventioun gestëmmt wou Recken 8 Better kritt déi an 3 Tranche bezuelt ginn.

Mär wonneren eis dass bei de „relations publiques“ ee Betrag vu 40 000 € dobäi komm ass.

Hoffentlech ass deen dann net fir ee Blat ze drécken dat un all Haushalt geet a wou op een Evenement invitéiert gëtt wat schon 2 Wochen eriwuer ass.

Sou wuar beim lëschte Informationsblatt eng Invitatioun op de Wanterfeeling, de 14. November, mä dës Blat wuar eréicht am Dezember an de Bréifkëschen.

Da fannen mär verschidden Etüden erëm wou mär entweder kee Suivi dovu kréien resp. mär ni eppes dovu gewuer ginn (étude revalorisation/extension zones artisanales).

Sou wuar z.B. een Devis fir eng stolz Zomm vun 31 000 € fir ee Workshop iwwert de Gaalgebierg virgesinn.

Do ass eises Wëssens no ni eppes Konkretes drop erfollegt.

Eng luewenswäert Initiativ ass déi vum „Masterplan barrierefreies Bauen und Planen“. Mär hoffen dass et net nëmmen bei deem Workshop bleift, mä mär fäerten awer schon dass et esou ass, well dës Joer guer keng Sue fir dee Beräich virgesi sinn.



CARINE REUTER-BAULER

Zu de Stroossenuarbechte wéilte mär folgendes soen:

D'Cité Fénkelbiereg ass net wierklech eppes wat déi aktuell Majoritéit geplangt hat, vill méi wuar et eng Noutwendegkeet ginn duerch den ale Waasser- a Kanaliséseau.

D'Sudgaz an d'Post wuaren och direkt interesséiert do mat eranzeklammen an esou ass de Fénkelbiereg op der Stroosseprioritéitelëscht mol einfach e puer Plaatze geklommen.

Bei der Rue des Alliés ass eiser Meenung no eng grouss Chance verpasst gi vill Suen ze spueren.

Déi fréier Majoritéit hat neemlech schon europäesch Gelder duerch de Projet FEDER zougesprach kritt.

D'Iddi an d'Pläng wuaren déi d'Rue des Alliés mat engem ganz neie Duerfkär ze gestalten, mä doduerch dass déi jëtzeg Majoritéit viru 4 Joer de Projet net ugaangen ass, sinn déi Suen duerch d'Päif a mär müssen erëm vu vir ufänken.

Lo fällt de Projet méi kleng aus, d'Strooss gëtt zwuar frëschgemat, mä Bieles kritt nach ëmmer keen neien Duerfkär.

An dobäi ass an der Schäfferotserklärung d'Revitaliséierung vun eisen Duerfkären awer ugekënnegt ginn.

An elo zu eiser sozialer Oder:

De Buergermeeschter huet gesot d'Majoritéit misst sech «virun allem och Gedanke maachen iwwert all déi Leit déi keng Uarbechtsplaz hunn oder keng méi hunn» an zitëiert an deem Kontext dass d'Gemeng am CIGL an an der RMG Equipe 25,5 Leit beschäftegt.

Mär fannen awer dass dës Gedanke bei wäitem nach net duerginn.

Och wann d'Gemeng verschidden Hëllef ubidd, sou misst déi sozial Roll vun der Gemeng nach méi wäitgräifend sinn.

Mär denken do z.B. u méi bëlleg Tariffer fir Chômeuren a Leit déi sech net esou guet stinn fir u Kuren, déi vun der Gemeng ugebuede ginn, deelzehuelen.

Mär fuederen do méi eng transparent Informationspolitik wou de Bierger vun Ufank un dee bëllegen Tariff kennt anstatt dass heen als éischt muss op den Uarmebüro sech ëmfroe goen.

Mär fäerten neemlech dass vill Leit hier Méiglechkeete gehollef ze kréien guer net kennen an nom aktuelle System sech scheien op den Uarmebüro froen ze goen an da vu ville Moossnahmen ausgeschloss bleiwen.

An dobäi hutt där an der Schäfferotserklärung virgesinn, an ech zitëieren: „Anpassung der sozialen Dienstleistungen an gegenwärtige und künftige Bedürfnisse der Bevölkerung“.

Ausserdeem huet déi aktuell Majoritéit och nach ëmmer näischt an de soziale Wunnéngsbau investéiert.

Et ass net fir d'1. dass mär heidrop hiweisen.

Zënter ärem Amstuntrëtt ass nach guer näischt an deem Beräich geschitt!

An dat wär awer och eng Moossnahm mat där een engem finanziell méi schlecht Bemëttelte kéint hëllef an entgéintkommen.

Déi Zomm déi mär 2009 an 2010 vum Pacte logement kréie gëtt integral an d'Sportshal Scheierhaff gestach.

Mär hätten natierlech léiwer gesi wann een Deel vun de Suen och eng méi sozial Verwendung fonnt hätt.

Lo gi ronn 466 000 € grad an déi Hal gestach hannert där mär net stinn.

Déi Suen hätten awer, grad an dëse schwierigen Zäiten, eiser Meenung no, net all an een eenzege Projet gestach solle ginn.

Mär fannen dass een Deel dozou benotzt hätt solle gi fir ville Leit déi finanziell Schwierigkeeten hunn op anere Plätzen ze hëllef.

De Schäfferot schéngt léiwer méi visibel Resultater wëllen ze präsentéieren.

D'Leit gesinn natierlech éischter eng Sportshal do stoe wéi dass se herno matkréien dass ee Chômeur eng Hëllef kritt huet.

Mä mär definéieren eng Solidargemeinschaft wuel ënnerschiddlech.

An elo zu eisen Dadaen:

Eisen Haaptprobleem, an dee kennt där schon, dat ass d'Sportshal Scheierhaff.

Manner d'Sportshal selwer, mä d'Ausmoosse vun der Hal déi soll dobäikommen.

Den aktuelle Projet ass fir eis net "indispensable" fir de Buergermeeschter mam Inneminister senge Wieder ze zitëieren.

Där wësst jo dass mär selbstverständlech och fir den Ëmbau vun der Sportshal wuaren, mä de Plang vun der virechter Majoritéit hat sech éischter op dat Noutwendeg an Nätzlech konzentréiert.

Wär eise Projet deemools direkt realiséiert ginn anstatt d'Pläng nei z'iwwerschaffen an d'Planung an d'Längt ze zéien, dann hätte mär vill Sue kënne spueren, déi eis haut zegutt kéimen an d'Hal kéint scho bal ageweit ginn amplaz dass mär elo eréicht um Punkt si fir d'Ausschreibungen ze maachen.

Wa mär scho vun „indispensable, nécessaire & utile“ schwätzen, da géife mär och gären erëm d'Maison relais an der Rue de France opgräifen.

„Indispensable“ ass eng Maison relais zu Bieles doudsécher, do si mär eis all eens, mä fir eis ass a bleift se onglécklech op dëser Platz.

An elo ass dann och eng Passerelle iwwert d'Eisebunn geplangt déi fir 2010 mol eréicht mat 400 000 € agesat ass an doudsécher herno nach méi deier ausfällt.

Ass déi dann an der ablécklecher finanzieller Situatioun wierklech eng noutwendeg Ausgab?

Oder gëtt se just esou séier realiséiert well op där anerer Säit eng Maison relais hikënnt?

Momentan wär déi Passerelle an eisen Ae wëschenswäert, elleng scho wéinst dem Battingshaus, mä an dësen Zäite keng absolut Prioritéit.

En plus, soll déi aktuell Trass vun der Eisebunn fréier oder spéider dach souwisou suppriméiert ginn.

Deen Ament géif déi Passerelle hifälleg ginn an där kéint no enger anerer, vläicht méi bëlleger Léisung sichen.

De Buergermeeschter erklärt eis dacks dass heen net versteet wéi mär als Oppositioun géint ee Budget kënne stëmmen, obwuel mär d'Majoritéit vun de Projeten awer schlussendlech matdroen.

Ma ganz einfach, Här Buergermeeschter! Stellt Äech vir Där stift an engem Buttek an Där gesidd een Artikel deen Äech ganz gutt gefält.

Et ass op den 1. Bléck alles perfekt drunn, d'Form, d'Gréisst an d'Fuarf gefallen Äech. Mä dono kuckt Där op d'Präischëld.

A wann Där éierlech sidd, den Artikel kann nach esou perfekt sinn, wann de Präis net äre Virstellungen entsprécht, dann huet Där deen Artikel och net mat!

Fir eis ass de Präis am Budget 2010 gläichzesetze mat deenen eenzelne Projeten mat deene mär net averstane sinn an och mat verschiddene Prioritéiten déi mär anescht gesat hätten.

An dofir, Här Buergermeeschter, kënne mär och de Gesamtpak net matstëmmen.

Nathalie MORGENTHALER

DEI GRENG-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2010

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Am Numm vun der Grénger Fraktioun well ech genee wéi schon déi lëscht Joren, nees als alleréisch emol dem Schäfferot, der Finanzkommissioun mat sengem President, an dem Personal aus der Gemeng, d.h. de Leit aus dem Service financier an dem Sekretär mat senge Leit, e grouse Merci soen fir déi vill Aarbecht déi si sech all Joer fir de Budget maachen.

Dëst Joer allerdéngs gëtt meng Ried e bessi eng aner wéi all déi aner Joeren, wou ech ëmmer just op ee Volet vun eisem Budget agaange sin.

Ech wëll dëst Joer op de Prinzip vun engem, an eisen Aen, virsichtegen awer gläichzäiteg och couragéierte Budget agoen. E Budget an deem genuch Raum a Plaz bleift fir all déi Projeten weider ze driwwen, déi mär schon ugekuerbelt hunn, e Budget an deem awer och Raum a Plaz bleift fir op oekologesch a biologesch



Kritären uecht ze ginn, an virun allem och e Budget deen an d'Zukunft kuckt, a fir déi nächst Generatiounen eng Rei nei Projeten op d'Schinn setzt.

1. Als éischt wäert ech awer déi ugefaangen Projeten ernimmen:

- **D'Suessemer Schoul** muss nach ausgebaut ginn fir kënnen e Lift anzebauen fir d'personnes à mobilité réduite an da kommen och nach e puer kleng Säll dobäi fir dat d'Enseignanten kënnen hiren Unterricht no der neier loi scolaire nach méi performant ofhalen.
- **D'Schoul Roude Wee**, déi mär amgaangen si komplett ze renovéieren. Dat wäert awer sécherlech och nach e bessi daueren bis déi ganz fäerdeg ass, vu dat mär nëmme schrittweis kënnen virgoen ouni de Schoulbetrib zevill ze stéieren. Och an dëser Schoul hu mer no der Renovatioun e Gebei dat souwuel den neiste schouleschen wéi och energeteschen Critären entsprécht.
- **De CIPA**, wou net méi spéit wéi d'läscht Woch de „coup de pelle“ gemeet ginn ass. Och hei ass e Projet dee net wäert fäerdeg ginn d'nächst Joer, awer 2011-2012. Mee 2010 gëtt awer de Réibau gebaut. Och hei sinn déi oekologesch Kritären net vergiess ginn (Isolatioun; Fënsteren; Urinoiren ouni Waasser, fir der just e puer ze nennen).
- **De Boulodrome**, wou am Januar den offizielle „coup de pelle“ wäert sinn, a wou mär drop geuecht hunn dat en och soll gudd isoléiert ginn, en plus besteet d'Méiglechkeet an enger zweeter Phase Solarpannoen op den Daach ze setzen.
- **De Pompjeesbau**, deen e wichtige Meilesteen am Rettungswiesen an eiser Gemeng duerstellt, well mer hei all d'Eischt Hëllef Servicer zesummeleeën, huet demaréiert. Dëse Projet, deen an enker Zesummenaarbecht mat de Responsablen vu Protex a Pompjeeën entwéckelt ginn ass, an deen och energeteschen Critère Rechnung dréit, ass fir eng Gemeng vun eiser Gréisst eng entscheidend Etappe an enger Politik, déi eis fir déi nächst Jorzéngten en performanten Sécherheetsdéngscht wäert garantéieren.
- Vill Sue ginn och weiderhin an d'Instandsetzung vun eisen ënnerierdeschen Versuerungsnetzer investéiert, woubäi dann och gläichzäiteg de Stroossebelag kann erneiert ginn, wéi dat um Beispill vum Fënkelpierg de Fall ass. Déi selwecht Wichtigkeet huet fir eis awer och den Ausbau vum Velosnetz,

souwéi dat de Fall woar bei der Velospist tëscht dem Tappewee an Eileréng, ee séchere Wee dee ganz vill vun Foussgänger, Joggeren a Velosfuierer genotzt gëtt.

2. An elo zu deene ganz neie Projeten:

- **D'Schoul um Belval**. Hei si mär am gaangen eng komplett nei Schoul ze plangen. Doniewt soll och eng Kantine mat enger Maison relais an engem Sportskomplex kommen, sou dat alles beieneen a mateneen kann funktionéieren. Dee ganze Komplex wäert wuel an verschidde Phase gebaut ginn, engersäits aus finanziellen Ursaachen, virun allem awer och well de Wunnéngsbau méi lues virugeet wéi Ufanks geduet. Op jidde Fall hu mer hei eng grouss Flexibilitéit virgesinn, sou datt all Angeboter kënnen ugebuede ginn, och wann net all 4 Gebeier matenee gebaut wäerte ginn.
- **D'Maison relais an der rue de France**. Hei gëtt en Haus ëmgebaut fir kënnen nei Strukturen fir d'Maison Relais ze schafen. Dëse Volet soll a muss stänneg erweidert gin fir kënnen de schaffenden Elteren an de Kanner gerecht ze ginn, déi deelweis geziilt an eis Gemeng wunne kommen, well se wëssen, dat mär ganz performant Betreuungsstrukturen ubidde kënnen. Et ass wichteg, datt mer dat och an Zukunft garantéieren kënnen.
- Um Scheierhaff de **complexe sportif**, deen zum Deel komplett nei gebaut gëtt. An dësem Projet gëtt endlech Raum geschafen fir eisen Turnveräin an eng nei Schwämm. Dëst natiirlech och esouwäit et méiglech ass mat deenen neisten Technologien fir Energie ze spueren. Fir eis bleift awer och eng Prioritéit, datt mer déi bestehend Sportshal an enger 2. Phase gudd isoléieren, sou datt mer do och vill Energiekäschten an Zukunft spueren kënnen.
- **D'Hal fir d'Verainer** zu Bieles. Hei wëlle mär eise Veräiner, déi eng wichteg Aufgab am Sozialliewen vun eiser Gemeng spillen, d'Méiglechkeet bidden fir hier Materialien ënner ze stellen.
- **Projet kannerfrëndlech Schoulhaff**. Och heifir sin am Budget Suen virgesinn, fir kënnen lues a lues sämtlech Schoulhaff vill méi kannerfrëndlech ze gestalten. D'Zäit vun de macadamiséierten Schoulhaff ass sécherlech eriwuer an dat as och gudd esou. An esou engem ëmgestallenen Schoulhaff as Plaz fir all d'Kanner, well déi eng wëllen rolzen, déi aner hätte gärten hier Rou, déi drëtt Grupp wëll sech kräatif beschäftegen an nach anerer spillen gärten mam Ball. Dat alles soll Plaz a Raum kréien.

- **Pistes cyclables.** Fir eis als Gréng behält d'mobilité douce eng ganz grouss Prioritéit. Dofir sinn am Budget Sue virgesinn fir de Projet vun eise Velosweeër ze erweideren (Bieles- Uewerkuer an zu Suessem), mee och eis Spazierweeër sollen dobäi net ze kuerz kommen. Wou och ëmmer nach eng Bänk oder eng Poubelle muss opgestallt gin, gëtt dat och gemeet. Ganz wichteg bleift awer och d'Sécherheet vun de Foussgänger am innerörtleche Verkéier.
- Energie solaire. Et sinn awer och nach Suen virgesinn fir Solaranlagen kënnen opzeriichten. Do ginn et zwee Projeten déi sech am Moment gudd fir gienge eegenen an zwar den CIPA an de Boulodrome.

Ech kommen elo zum Schluss vu menger Ried:

D'läscht Joer hunn ech bemierkt dat de Budget vun deenen nächste Joern e Budget géif ginn an deem mär vill dépenses extraordinaires hätten well mär eng Gemeng sinn déi wiisst an expandéiert. Wa mär wëlle weiderwuessen, dann ass et ganz normal dat mär och nei Gebaier musse bauen, sief dat Schoulen, Maison relais'en oder Sportinfrastrukturen. Da muss awer och ëmmer Plaz am Budget si fir déi neisten spuerend Technologien anzesetzen, fir Energie ze spueren, respektiv ëmweltschounend ze produzéieren resp fir gesond Ernährung z.B an de maison relaisen ze suergen. Déi zwee éischt Punkten hëllefen op laang Sicht der Gemeng Suen am Budget Ordinaire ze spueren, well d'Heizkäschtchen an och d'Elektreschkäschtchen erof ginn. En plus ass et fir eis Gréng an Zäiten vum Klimawandel en absoluten Must dat eng Gemeng mam gudden Beispill virgeet wat d'Nohaltegkeet ugeet.

Mee et ass awer net esou, dat mär elo blannemännchen d'Suen ausginn, mär setzen eis Prioritéiten, mee mär bleiwen virsichteg, vu dat mär jo all wëssen, dat mär momentan voll an der Krisis stiechen.

Vu dat dotation de l'état vill méi geréng ausfällt an och an Zukunft ausfale wäert, musse mär dëst Joer virraus-sichtlech en Emprunt man vun 11 Mio €. Mä si frou dat mär esou gudd konnten haushalten, dat mär vun deem Emprunt vun 10 Mio deen 2002 accordéiert ginn ass, der nach 5 net geholl hunn. Eis Schold bedréit momentan eng 7 Mio €, wat eng Pro Kapp Verschëldung vun 488 € ausmécht. Zum Verglach: Péiteng huet eng Schold vun 28 Mio an Schëffleng eng vun 32 Mio. Wa mär elo déi 11 Mio léine ginn, da komme mär op en Total vun 17 Mio an eng Pro Kapp Verschëldung vun 1.161 €, wat nach ëmmer gudd ze verkraften ass.

An eisen Aen ass dëse Budget e Budget an deem mär als Gemeng déi néideg Virsicht walte loosse, awer an engems och wichteg Akzenter setzen. All eis grouss Investitiounen sinn der fir déi nächste Jorzingten, also fir déi nächste Generatiounen an dobäi versiche mer gläichzäiteg deene Generatiounen keng ze grouss Schold ze hannerloossen. Déi richteg Akzenter aus de läschte Joren gin weidergefouert, et gëtt an nei grouss Projeten fir d'Zukunft investéiert, a mär passe gläichzäiteg drop op, dat mer déi finanziell Effort'en meeschtere kënnen, dofir wäerte mär Gréng de Budget natierlech stëmmen.

Myriam Cecchetti
Fir Déi Gréng Gemeng Suessem

DP-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2010

Här Buergermeeschter, dir Damen an dir Hären aus dem Schaffen- a Gemengerot.

Am Virfeld wëll ech der ganzer Equipe hei am Haus an dem Service Technique e grouss Merci ausdrécken fir déi vill Aarbecht déi sie während dem ganzen Joer geleescht hun an och speziell deenen déi un der Opstellung vum Budget 2010 bedeelegt waren.

Als DP begrësse Mä déi massiv Zommen déi an de Bau vun CIPA a Schoul op Belval investéiert ginn. Och stiecht der vill Suen an d'Färdegstellung vum Interventionszenter, Erweiterung vum Sportkomplex um Scheierhaff, den Ausbau vum Boulodrome am Metzlerlach, d'Schoul am Roudewee, d'Maison Relais an der rue de France zou Bieles.

Am Budget gesi mer, dass no jorelaangem hin an hir och elo endlech rue des Alliés erneiert gëtt.

Am Ganzen gitt Dir am nächste Joer 75 Milliounen (Ordinaire + Extraordinäre Budget) aus.

Et wor schonns vrun méi ewéi 15 Joer versprach ginn, d'Escher Strooss zu Eilereng, déi jo awer an engem wierklech desolaten a geféierlechen Zoustand ass, komplett ze erneieren.

Wou d'Beem um Rand vu der vill befuerener Strooss am Laf vum Joer eweg geseet gi sinn, hunn Mä an engem Uflug vun Naivitéit dann och tatsächlech gegleewt,

Där géift äert Versprechen aléisen. Ganz stolz hu mer den Devis vun 999.000 Euro matgedrô a mussen elo mat Enttäuschung feststelle dass am Budget 2010 – 0 - Euro firgesin sin. An der leschter Finanzkommission si mer schlussendlech ob de Buedem vun den Tatsaachen zrëck geholl ginn.

Ass dat sënnvoll, wann Ponts & Chaussées d'Strooss ernéiert, Sudgaz, Post a Stroumnetz sech mat dru bedeelegen a mär nët vun der Situatioun profitéieren fir d'Waasser- a Kanalinfrastrukturen an engems fresch ze machen? Oder ass et besser an 2 – 3 Joer nees vu fir un zefänken?

Am Budget 2010 ass Mär weiderhin opgefall:

Op der Säit 133 stinn eemol 50.000 Euro fir d'Erneuerung vun der Waasserleitung an der Lampecherstrooss Direktioun Suessem an Säit 134 nach 150.000 Euro fir d'Installatioun vun Solarenergie Elementer. Beid stoungen schons am Budget 2009 dran, allerdengs ass hei nach näischt geschidd.

Dat Selwecht géllt fir 270.000 Euro vun Säit 143 an 50.000 Euro Säit 144, déi an de Réseau Pistes Cyclables sollen investéiert ginn. Op der Säit 145 stin 400.000 Euro fir de Bau vun enger Passerelle vum Battingshaus an der rue de France eriwier bei de Bieleser Kierfeg, leit do schons eng Genehmegung vun der CFL vir, fir dësen Iwergang ze realiséieren. Enner anerem sin 50.000 Euro fir de Réaménagement vum Roude Wee tëschent der Feld- an der Escherstrooss zu Bieles virgesin. Weider 50.000 Euro sollen an d'Industriestrooss zu Suessem gestach ginn.

Et gétt wuel vill investéiert um Belval. Et dærf een awer nët vergiessen, dass de Staat de Gros vun dësen Investitioune dréiht.

Wee weess wat eis Gemeng nach alles geschenkt kritt, wëll se sech jo bereet erkläert huet, d'Maison d'Arrêt op hirem Territoire bauen ze loossen. Et freet een sech allerdéngs, wou déi 20 Milliounen déi d'Gemeng kritt huet fir de Prisong, genau opgebraucht ginn. Am Budget fënnt een jiddefalls keng Spur dervun. Mär hun dat matgedrô, wëllen awer och vum Suivi informéiert gin. Wann se a Form vu Subsidien kommen, da missten se allerdéngs kloer am Budget eraus kristalliséiert ginn.

De Budget 2010 ass ewéi ëmmer e Wonsch Katalog un deen een nët gebonnen ass!!!

A virun allem feelt et u Wäitsicht. Et gétt erëm als rengen Gestionnaire geschafft, ouni d'Problemer hollistesch (integral vernetzt) unzegoen.

D'Prognosen wäerten wuel erëm eng Kéier nët agehalen ginn.

Mär als DP stëmmen de Budget dofir och nët mat.

Patricia SPECK-BRAUN
Gemegeconseillère

LSAP-STELLUNGNAHM ZUM BUDGET 2010

Häer Buergermeeschter, Dir Häeren Schächten, Kollegen a Kolleginnen.

Et ass fir mech eng Première, nodeems eise Fraktiounssprecher, de José Piscitelli, jo lo Schächten ass, fir äerch am Numm vu menger Partei d'Stellungnahm zum Budget ze präsentéieren.

Als éicht well ech awer net mëssen dem Schächterot ze félicitéieren fir d'Opstellen an d'Présentatioun vun dësem Budget a selbstverständlech ginn eis Félicitatiounen un all Beamten a Beamtinnen aus allen Services déi wéi ëmmer sech ganz vill Aarbecht gemat hunn beim Zesummesetzen vun deem Budget, d'Comptabilitéit, d'Sekretariat fir nemmen déi ze nennen.

Wou sti mer wouhi gi mer, sou huet de Buergermeeschter seng Budgetsried ugefaang an ech mengen, dass dat de Käerpunkt vun all Handeln als Gemengepapp oder -mamm ass an dat ganz am Sënn vu senger Bierger.

Weider huet de Georges Engel eng Reihenfolleg opgesat an dæer en Prioritéit vun den Investissementer wollt festleeën: l'indispensable, le nécessaire et l'utile.

Wat lo fir deen een indispensable an nützlich ass, ass fir deen aneren eppes anescht. Dat ass kloer. Mee ech mengen dass et fäerdeg bruet ginn ass an deem Budget ganz vill Akzenter ze setzen wéi mer et weider errechen op eng raisonabel an efficace Manéier eis Gemeng ze verwalten.

De Budget 2010 ass jo, soe mer mol, e Monsterbudget mat ronn 38.000.000 € Ausgaben am extraordinairen an och nach emol eng Ronn 37.000.000 € am ordinären Deel.

Ech wollt hei op déi Ausgaben agoen ,déi speziell fir Kultur, Fräizäit an de „cultes“ agesaat gi sinn.

Lo kënn de mer soen, ok, dat ass vläit weder indispen-sabel, nach nützlich, nach wirklech noutwänneg, mee wa 17 % vun allen Ausgaben am extraordinäre Budget fir Kultur a Sport a Veräiner firgesi sinn, ass dat en décke Batz.

An Zuelen mecht dat 1.562.943 € am ordinären an 6.566.435 € am extraordinaire Deel. Am Verglach: fir 2009 stungen 3.116.000 € am extraordinären Budget.

Wann ech elo de Bau vum Boulodrome an den Ausbau vum CORKS, der Sportshal also mat den Alentouren ewechhuelen, wat grouss Ausgabe sinn, hu mer nach emmer ganz vill Projets am Budget, déi eist kulturelt a sozialt Liewen an der Gemeng verbessere sollen.

Et gett an d'Gebäier investéiert wéi z.Bsp:

- e Lift an d'Suessemer Hal,
- am Centre culturel am Metzlerlach gett d'Corneche ersat,

Déi sportlech Infrastrukturen ginn selbstverständlech och ënnerhal: Am Ganzen ginn 1,14 Milliounen an d'Sports-infrastrukturen zu Suessem investéiert.

Weider gett beim Kierfecht zu Bieles eng Hal gebaut déi prioritär fir d'Veräiner wäert sinn. Wann ech dann lo nach am ordinaire Budget all déi Ausgaben huelen, déi mer all Joers hunn fir eis Veräiner an hier Subsidien, Subventiounen fir Muséksstudien fir Jonker, fir déi Fest-lechkeeten an der Gemeng (sief dat national Féierdag oder ambiance jardins) an och fir déi normal Ausgaben wat den Entretien vun de Säll ubelaangt asw stelle mer fest dass fir eis Gemeng dat kulturelt, sportlecht a sozialt Liewen eng Prioritéit ass, eng ënner villen aneren. „Kultur ist auf der umfassendsten Ebene die Gesamtheit des vom Menschen Geschaffenen. Dies schließt einerseits physische Dinge, wie Werkzeuge, Gebäude, Kunstwerke ein, aber auch die durch den Menschen hervorgerufene Veränderung der Natur, also die so genannten „Kulturlandschaften“, die geistigen Hervorbringungen der Menschheit wie Schrift und Kunst sowie die sozialen Organisationsformen, in denen die Menschen zusammenleben.“ (wikipedia.org)

Et ass also enorm wichteg dass mer **an d'Menschen investéieren** an dat wat se schaffen a schafen, well ouni dat menschlecht Kapital, déi Ressources humaines, déi

mer brauchen ass et net méiglech, eng gesont a liewens-wäert Gesellschaft opzebauen oder eben ze erhalen. An deem Senn investéiert Gemeng Suessem och am Joer 2010 an och grad a méi schwéieren Zäiten a seng Bierger. Et gett ëmmer erëm probéiert Bestehendes mat Neiem ze verbannen an dat op Grond vu villen Investor an d'Léit, an d'Bierger.

Wichteg ass et, dass mer eise Bierger en agreabelt Wunnen an der Suessemer Gemeng erlaben an dat bringe mer nemme fäerdeg mat konkreten Investisse-menter an Zukunft.

Investissementer déi net aus der Loft gegraff sinn, mä ganz bewusst agesat ginn, och wann doduerch mol hei-ansdo eppes anecht ze kuerz kënn.

Dat agréabelt Wunnen soll fir jidder eenzelnen garan-téiert ginn, ob jonk oder al, Fra oder Mann.

Mäer hunn an der Vergangenheet eng ganz Rëtsch Projets ugaangen a wäerten déi och weiderféieren, ech denke lo besonnech un all déi **sozial Arichtungen** déi et derwäert maachen an eiser Gemeng op eng flott an agréabel Manéier ze wunnen. Eis Maison relais, wou enorm vill Kanner betrëit ginn an déi nach ëmmer aus-gebaut gëtt; an eiser Grondschoul mat der Schouléquipe, dem Service vum SLD, (specific learning differences) déi sech speziell de Kanner mat Lernschwiergekeeten unhëlt, dem Service RASE, deen de Joint maache soll fir eng optimal Betréiung tëschent den Akteuren oder och dem relativ neien Service vun der Hausaufgabenhëllef, wou Kanner och geléiert ginn ze léieren.

Dat alles ass en Invest an d'Zukunft, e gudden Invest.

Wat mäer als Fraktioun och ennerstëtzen ass **d'Schafen vun Aarbechtsplazen**, zum Beispill an eiser eegener Kichen an de Maison relais, wou net wéi soss anerwärts vu grouss Firmen alles fäerdeg geliwwert gëtt, mä frësch zoubereet gëtt. Dofir brauch ee Léit a Geld.

Et ginn och Léierbouwen a -meedecheer agestellt, zum Bei-spill an der Schwämm oder an de verschiddenen Servicer vun der Administratioun, och dat ass e wichteg Bäitrag.

Natierlech ass de fait, dass mäer (nach ëmmer) eisen eegenen CIPA hunn an do lo och wéi gewosst um Belval e néit Haus bauen eng wichteg sozial Arichtung wou mer och ganz vill Aarbechtsplaze schafen an eisen eele-ren Matbierger en agreabelt Wunnen an eiser Gemeng erlaben.

D'Gemeng Suessem investéiert an d'Liewensqualitéit an dat ennerstëtze mäer voll a ganz.

Gemeng Suessem ass eng modern Gemeng, eng Gemeng déi an de läschte Joren net mitt gëtt sech ze entwëckelen an ze expandéieren. Mäer hunn et awer och fäerdeg bruet eis ze positionnéieren; mäer hu wëlles a mäer sinn um beschte Wee eng wichteg Roll am Süeden ze spillen, net nemmen um Plang vun der Awunnerzuel, mä och um Plang vun all eisen Aktivitéiten an Arichtungen déi mer an der Gemeng Suessem hunn a nach wäerte kréien. Suessem ass guut virbereet fir den nächsten Erausforderungen stand ze halen an mat deem Budget leeschte mer e groussen Deel dozou bäi. Mat enger finanziell vorsichtiger Planung an awer och enger reeller Visioun an Zukunft kënne mer dat fäerdeg bringen.

Aus dese Grënn wäerte mäer als LSAP selbstverständlech de Budget stëmmen.

Ech soen äerch Merci fir d'Nolauschteren

Fir d'LSAP
Simone Asselborn-Bintz

Nachdem Bürgermeister Georges Engel (LSAP) und seine Kollegen Schöffe Robert Rings (Déi Gréng) und Schöffe Jos Piscitelli (LSAP) Stellung zu einigen Aussagen der Oppositionsparteien nahmen, wurden die beiden Budget-Punkte mit den Mehrheitsstimmen verabschiedet.

Einstimmigkeit herrschte dagegen bei der Entscheidung dem VALORLUX-Mülleinsamlungssystem beizutreten. Schöffe Robert Rings (Déi Gréng) bemerkte noch, dass es aber nicht nur Argumente dafür gäbe. Man müsse sich auch die Frage stellen betreffend des Energieverbrauchs, das mit diesem System zusammenhängt, und ob nicht das Umweltbewusstsein der Leute dadurch verringert werden könnte, da es ihnen einfacher gemacht werde. Aber im Großen und Ganzen sei das Valorlux-System positiv zu betrachten. Auch Déi Gréng-Rätin Myriam Cecchetti betonte als Präsidentin der Umweltkommission, dass dieses System seine Vorteile habe, dass es aber noch immer besser sei Müll zu vermeiden und man müsse das Umweltbewusstsein der Leute weiterhin antreiben.

Nachdem noch einige Änderungen der Zusammensetzung in den konsultativen Kommissionen abgesegnet wurden, schloss Bürgermeister Georges Engel (LSAP) die Sitzung ab.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 20:

Tarif chambre de vacances

Den Här Willet ass der Meenung dass de Präis vun engem Vakanzebett misst 15 % méi héich leien wéi dee vun engem Studio vun deenen anere Pensionäre.

Wéi kënnt heen op déi 15 %?

Hee misst eis déi dach kënne mat geneeëm Zuelematerial argumentéieren.

Hee seet eis just dass déi Kummeren ë.a. mat Miwwel a gratis Televisioun verlount ginn.

Esou eng pauschal Erklärung geet eis awer net duer!

Mär sinn als CSV och net domatt averstane, wann als Argument de Méiopwand vum Botzen an Entretien ugefouert gëtt.

Dat kléngt jo awer wierklech esou wéi wann déi aner Zëmmeren normalerweis net esou propper, net esou am Fong géife gebotzt ginn.

Den ugebuedenen Zerwiss am CIPA misst fir all Mënsch dee Selwechte sinn, ob et sech elo ëm ee Vakanzen-openthalt handelt oder ee stationären.

Sou gëtt och gesot dass de Präis aktuell bei 67,15 € géif leien, dobäi steet am Kapitel uewendriwwer de Präis wär ab dem 1. September 2009 schon 72,10 €.

Aus all deene Grënn kënne mär dese Punkt op kee Fall matstëmmen.

Proposition de décision pour le 18 décembre 2009

Den Här Willet huet ausgerechent dass ee Vakanzebett mat engem Surplus vu 15 % ab dem 1. März 2009 géif 81,4 € kaschten.

An deem Kapitel schreift heen awer elo et géif vum 1. März 2010 un 79,15 € kaschten an dat obwuel de Schäfferot eng Präiserhéijung wëll maache fir d'Negativresultat vum CIPA ze drécken.

A schon erëm eng Inkohärenz tëschent den Zuelen déi mär presentéiert kréien!

All déi Upassungen an dësem Kapitel sinn d'Folleg vun enger Adaptatioun un den Index deen am März 2009 erfall ass.

Well mär awer schon déi Erhéijunge déi deemools an der Sëtzung vum 29. November 2006 gestëmmt gi sinn net matgedroen haten, si mär natierlech och haut dogéint fir d'Adaptatiounen par rapport zu deene Präiser ze stëmmen.

CSV-STELLUNGNAHM ZUM PUNKT 21:

Supplément pour service studio

Den Här Willet proposéiert hei alt erëm eng Präiserhéijung, mä leider ouni Erklärung.

Hei sollen nei a méi héich Tariffer agefouert gi.

Mä wou bleift d'Rechnung hannert deem Raisonement?

Firwat kascht net all Zerwiss op d'Zëmmer d'selwecht vill?

Mär verstinn net firwat fir 1,2 oder 3 Zerwisser 3 verschidden Tariffer gefrot ginn.

Ass dat éieren net ëmmer dee selwechten Uarbechtsopwand?

Well mär déi Staffelung net novollzéie kënnen a mär virun allem de Mangel un Erklärungen an eisem Dossier bemängelen, kënnen mär dëse Punkt och net matstëmmen.

Remboursement des temps d'absence

Hei gëtt erëm dat Argument vum Méiopwand benotzt gëtt, dat gefält eis net!

Wat heescht dat dass de „nettoyage à fond, entretien, soins des plantes etc...” méi Uarbecht bedeit wann de Pensionär fort ass wéi wann en op der Plaz ass?

Ginn déi Zerwisser dann net gelescht wann de Pensionär am Haus ass?

Déi Logik kënnen mär wierklech net novollzéien!

Dann hu mär och een anert Raisonement wéi d'Ofwiesenheete sollen zeréckerstatt ginn:

Wann een en Appartement lount, kritt ee seng Sue jo och net erëm wann een an d'Ausland geet resp. an d'Spidol.

Sou wéi bei engem Appartement d'Chargen och fix sinn, sou bleiwen d'Personalkäschte och déi selwecht am CIPA, ob eng Persoun elo méi oder manner am Haus ass. Mär fannen dass et méi sënnavoll wär dass ee Pensionär ab dem 1. Dag Ofwiesenheet ee Betrag misst erëmkreien deen de Käschte Rechnung dréit déi reell an engem Dag ufalen.

Dorënner fale fir eis net nëmmen d'lessen, mä och eng Moyenne vum Verbrauch vum Stroum, Waasser etc.

Mär géifen dofir virschloen dass den Här Willet sollt eng Opstellung maachen wat alles als Dagesverbrauch ufällt an dass déi Leit dee Betrag fir all Dag deen se net am Haus sinn erëmkreien.



Commune de Sanem